N°7776
Entrée le 18.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, vum Här Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel, a vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro n° 7776 vum honorablen Här Députéierte Marc Goergen iwwer « Facturation de la consommation d'eau par les communes ».**

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Rechnunge fir d'Waassertaxen, déi eenzeg an eleng un de Proprietär ausgestallt géife ginn.

Mir hu bis elo keng Kenntnis vun Taxereglementer, déi sou Dispositiounen agefouert sollen hunn. D'Gemenge sinn autonom am Erstelle vun hiren Taxereglementer, ënner anerem mussen d'Waassergesetz an d'Gesetz iwwert de *Bail à loyer* awer respektéiert ginn.

D'Bail à Loyer-Gesetz vum 21. September 2006 gesäit am Artikel 5 vir, dass « *le bailleur ne peut mettre à charge du locataire que les montants qu'il justifie avoir déboursés lui-même pour le compte du locataire* ». D'Gesetz erlaabt an dësem Fall, dass de Proprietär d'Chargen an domadder och d'Waassertaxen un de Locataire weiderverrechent, déi de Proprietär an enger éischter Phas selwer bezuelt hätt. Wéi d'Chargë bezuelt ginn, kënnen d'Parteien och opgrond vum kontraktuelle Fräiheetsprinzip am Kontrakt bestëmmen.

Den aktuellen Artikel 22 vum Péitenger Waasserreglement gesäit awer vir, dass bei der Presentatioun vun engem Contrat de bail d'Péitenger Gemeng d'Waasserrechnung direkt un de Locataire, an domat och de konkrete Benotzer, schéckt. Am Kader vun enger "*contredits*"-Prozedur huet de Friddensriichter an engem Jugement vum 25. Januar 2021 entscheet, dass "*en cas de non-paiement de la taxe d'eau par le locataire, l'administration communale de Pétange peut se retourner contre le propriétaire de l'immeuble compte tenu du fait que l'article 22 précité du règlement communal prévoit que c'est le propriétaire qui est responsable du paiement de la taxe d'eau en cas de non-paiement par le locataire*"[1]. D'Uwendung vun dësem Artikel ass also vun der Jurisprudenz guttgeheescht ginn, an et gouf och kee Verstouss zum Waassergesetz festgestallt. Wichteg ass, dass d'Waasserpräisser käschtendeckend sinn, wat och vun der Waasserverwaltung (AGE) opgrond vum Artikel 33 vum Waassergesetz iwwerpréift gëtt.

D'Facturatioun un de Proprietär op Basis vum Waasserverbrauch vum Locataire ass eng Dateveraarbechtung am Sënn vum *Règlement général sur la protection des données* (RGPD). Fir all Dateveraarbechtung muss eng Gemeng och eng *base légale* hunn. An dësem Kontext geet et ëm Recouvrementsprozedure vu Gemengentaxen, déi ënner anerem am Kapitel 3 vum Gemengegesetz virgesi sinn an der Gemeng domat eng gesetzlech Basis ginn, fir Traitementer duerchzeféieren. Hei muss d'Gemeng ënner anerem d'Grondprinzipie vum Dateschutz, déi am Artikel 5 vum RGPD opgelëscht ginn, respektéieren. De Respekt vun dëse Prinzipie muss d'Gemeng, als Responsable du traitement, opgrond vum *Accountability*-Prinzip och beweise kënnen. Dat bedeit, datt d'Gemeng ënner anerem d'Rechtméissegkeet vun der Dateveraarbechtung, d'Limitatioun vun den Zwecker an d'Minimisatioun vun den Donnéeë berücksichtege muss. Ausserdeem gëtt d'Kontroll vum RGPD a senge Prinzipie vun der Commission nationale pour la protection des données (CNPD) assuréiert.

Lëtzebuerg, den 18/04/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

[1] Jugement du 25 janvier 2021, Juge de paix, Rép. Fiscal N°220/21.